

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. Oktober 2021

Här President,


Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

Vun 2030 u sollen Autoe mat Verbrennungsmotor zu Lëtzebuerg nom Wëlle vun der Regierung net méi nei zougelooss ginn. Sou wéi aus der Äntwert vun der Regierung op d'parlamentaresch Fro Nummer 3476 ervirgeet, huet d'Groussherzoglech Police op de Stand vun Enn Februar dëst Joer iwwer véier honnertprozenteg elektresch gedriwwen Autoe verfüügt. 2019 hunn déi zwee Policeautoe vun Tesla fir kontrovers ëffentlech Diskussiounen gesuergt, zum engen, well d'Firma zu all Moment op d'Donnéen iwwert d'Fuerverhale vun der Police zeréckgräife kann, zum aneren, well zwee Agenten op der Autobunn mat deem lo just genannte Gefier hänke bliwwen sinn, well d'Batterie net geluede war.

An deem Zesammenhang géife mir dem Här Policeminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann den Här Minister matdeelen, ob sech d'Zuel vun den Elektroautoe bei der Groussherzoglecher Police zënter der Äntwert op déi uewen zitéiert Fro nach eng Kéier verännert huet? Wa jo, kann hien déi genee Zuel preziséieren an d'Ursaache vun dëser Decisioun elaboréieren?
- 2) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert vu wéi enge Marken déi eenzele Elektroautoe vun der Police stamen, ëm wéi eng Modeller et sech handelt, wéi op déi eenzel Kommissariater opgedeelt sinn a wéi vill se jee weils kascht hunn?
- 3) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, iwwer wéi vill Luedstatiounen d'Police aktuell verfüügt, wéi d'Luedkapazitéit vun dëse Bornen sech am eenzele presentéiert, op wéi eng Kommissariater se sech verdeelen a wéi laang et dauert, fir déi eenzel Autoe mat wéi enger Borne ze lueden?
- 4) Kann den Här Minister elaboréieren a wéi engem Aufgabeberäich déi eenzel Elektroautoen agesat ginn a wéi eng Dispositioun fir de Fall vun enger Urgence gëllen?
- 5) Iwwert wéi eng Réichwäit verfüegen déi eenzel Elektroautoe vun der Police?
- 6) Kann den Här Minister elaboréieren, op wéi eng Donnéeën d'Hiersteller vun deenen eenzele Gefierer kënnen zeréckgräifen a wéi dës traitéiert ginn, notamment op se mat Donnéeën vun anere Chauffeuren vun der nämlecher Mark kënnen ofgeglach ginn?
- 7) Kann den Här Minister elaboréieren, wéi eng Auswierkungen d'Decisioun fir vun 2030 u keng Autoe mat Verbrennungsmotor zu Lëtzebuerg méi nei zougeloossen, op de Fonctionnement vun der Police wäert hunn a wat dat fir den aktuellen, gréisstendeels op Auto mat Verbrennungsmotor opgebaute Fierpark wäert bedeiten?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten



Fernand Kartheiser
Deputéierten